De Grupp am Verband

De Verband as do fir "*d'Guiden- an d'Scoutsgruppen, déi d'Grondsätz vum Verband unerkennen, am Land zesummenzeschléissen, hinnen ze hëllefen a si no baussen ze vertrieden".* (Statuten Art. 2.1)

De Verband as do fir d'Gruppen, an nët ëmgekéiert.

Mee de Verband ka séng Missioun nëmmen dann erfëllen, wann d'Gruppe mat de Verbandsgremien zesummeschaffen, hiren Undeel um Verbandsliewen erfëllen an hiirt Matsproochrecht am Verband an Usproch huelen. Et muss een och bedenken, datt déi Chef/tainen, déi an den Equipë vum Verband matschaffen, vu soss néierens kënnen hirkomme wéi aus de Gruppen.

Pflichte vum Grupp am Verband

* De Grupp schéckt all Joer pénktlech séng Memberlëschten an d'Zentral a bezillt d'Cotisatioune vu sénge Memberen un de Verband.

* De Grupp hält sech un d'Statuten an d'Reglementer.

* Déi ernannte Chef/tainë gin op de Verbandskongress; déi ernannten an d'Stagiärchef/tainë sin um Chefdag derbäi.

* De Grupp resp. séng Unitéite resp. séng eenzel Membere maache bei nationalen Aktivitéite vum Verband oder vun de Branchë mat.

* D'Chef/tainë vum Grupp äntweren op Invitatiounen, Ëmfroen an Opriff vum Verbandscomité, a si liwweren him déi Informatiounen, déi hie brauch fir d'Liewe vum Verband kënnen z'organiséieren oder ze verbesseren.

* Je no hire Fähegketen a Méiglechkete bedelegen d'Chef/tainë sech un der Ledung vum Verband, z.B. duerch d'Mataarbecht an enger Branchenéquipe oder engem Aarbechtsgrupp.

Rechter vum Grupp am Verband

* D'Chef/tainë kënnen um Verbandskongress an um Chefdag mat diskutéieren; déi ernannte Chef/tainen (déi sech jo fir eng bestëmmt Zäit engagéiert hun) däerfe mat ofstëmmen.

* De Grupp ka Froen a Virschléi un de Verbandskongress oder un de Verbandscomité an der "Open session" vum Kongress virbréngen. [1)]

* De Grupp a séng Membere kënnen zu jidder Zäit Froen, Kritiken a Virschléi un e Commissaire oder un d'Zentral vum Verband riichten.

* De Grupp a séng Membere kënnen d'Déngschter vum Verband an Usproch huelen (Formatioun, Dokumentatioun, Archiven, Vermëttlung vun nationalen an internationale Kontakter, Méiglechkeet fir international Guiden- a Scoutsevenementer matzemaachen, Ausléine vu Material, Locatioun a Vermëttlung vu Chalet-en a Campplazen, Assurancen, Congé-éducation, Zäitschréften, Rot an Hëllef an ville Situatiounen) [2)]

* Déi ernannte Chef/tainë kënnen sech als Vertrieder vun hirer Branche, vun de Gruppechef resp. vun den Aumônier-en an Animateurs spirituels an de Verbandsrot wiele loossen.

Kontakter tëscht dem Grupp an de Responsabele vum Verband

Et as e Virdeel fir jiddereen wa gutt a perséinlech Kontakter bestinn tëscht alle Chef/tainen, ob se elo an engem lokale Grupp oder am Verbandsgrupp engagéiert sin. D'Commissairen, d'Membere vun den nationalen Equipen an Aarbechtsgruppen grad ewéi d'Personal vun der Zentral si frou fir Leit aus de Gruppen ze begéinen a mat hinnen Informatiounen, Erfarungen an Iddiën auszetauschen. An dësem Sënn hei e puer Suggestiounen un d'Chef/tainë vun de Gruppen:

* Wann dir am Grupp e Fest organiséiert wéi z.B. eng Kiirmes oder eng Theatervirstellung, da schéckt och eng Invitatioun an d'Zentral. Dat as scho mol eng nëtzlech Informatioun. D'Membere vum Verbandsgrupp maachen hiirt bescht fir op esou Fester kucken ze kommen; sidd awer nët béis wann dat nët ëmmer méiglech as.

* Wann dir fir e markant Evenement am Grupp z.B. en Anniversaire oder eng Fändelwei d'Prezenz vun engem Commissaire wënscht, da schéckt him e perséinleche Bréif.

* Dir kënnt zu jidder Zäit an d'Zentral uruffen wann dir iergend eng Fro hutt. All Grupp huet ee Pätter, den him mat Rot an Dot zur Zäit steet. De Pätter ass e Memeber vum Safab an hëlleft dem Grupp, wann ët néideg ass. Wien elo de Pätter vun dengem Grupp ass, kanns de an der Zentral nofroën.

* Dir kënnt iech an eisem DZ dokumentéieren a vun der Gelënheet profitéiere fir gewuer ze gi wat et am Verband Neies gët.

* Dir kënnt iech e Rendez-vous froë fir e Gespréich mat dem/r Commissaire général/e, séngem/r Adjoint/e oder engem Permanent. D'Commissairen an d'Permanent-e sin zwar villbeschäftegt Leit, mee de perséinleche Kontakt mat iech läit hinnen immens um Häerz!

Bemierkungen:

1) Et soll een dobäi ofweien, ob et eng Fro as, déi de ganze Verband resp. vill Membere betrëfft, oder ob et e spezifesche Problem vum Grupp resp. vun engem eenzelne Member as. Am leschte Fall huet ee wuel besser, perséinlech mat den zoustännege Leit ze schwätzen.

2) Eenzelheten heiriwwer fënnt een am Kapitel iwwer d'Servicer vum Verband.